

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 30. September 2022


Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Ëmweltminister weiderzeleeden.

Mam Datum vum 19. September ass et zu Gonnereng zu engem Virfall komm, wou duerch e
Leck tëscht 1000 an 1500 Kubik-Meter Gärflessegkeet aus enger Biogasanlag ausgelaf sinn.
Dës Gärflessegkeet huet sech op deenen ëmleiede Wisen a Felder verdeelt. Iwwerdeems
heescht et, datt de CGDIS op der Plaz war, fir nach méi grouss Ëmweltschied ze verhënneren.
Aktuell schéngt et allerdéngs, wéi wann nach wéineg gewosst wier, wéi héich a wéi substantiell
de Schued op d'Ëmwelt wierklech ausgefall ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister:

1. Ass bis dato schonn eppes iwwert de Gesamt-Ëmfang vum Schued gewosst, deen
d'Auslafe vun dëser Gärflessegkeet op d'Ëmwelt hat, respektiv, nach huet?
2. Kann d'Madamm Minister matdeelen, a wéi engem Ëmfang speziell och de Buedem
vun den ëmleiede Wisen a Felder kontaminéiert gouf?
3. Konnten dës Biedem bis dato scho komplett dekontaminéiert ginn? Wann nee, wéini
wäert dës Dekontaminatioun viraussichtlech kënnen ofgeschloss ginn?
4. Kann d'Madamm Minister präziséieren, wou d'Gärflessegkeet, déi de CGDIS nach
konnt opfänken, entsuert gouf, respektiv, nach entsuert gëtt?
5. Kann d'Madamm Minister präziséieren, ëm wéi eng Gärflessegkeet et sech genee
handelt? Handelt et sech ëm Gefligel- Schwéngs- oder Rannergülle?
6. Kann d'Madamm Minister präziséieren, ob dës Gärflessegkeet ausschliisslech
Lëtzebuerger Hierkonft ass? Gouf, respektiv, gëtt an där genannter Biogasanlag zu
Gonnereng och Gärflessegkeet traitéiert, déi aus dem Ausland kënnt? Wa jo, aus wéi
engem Land, respektiv, aus wéi enge Länner kënnt dës Gärflessegkeet?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten